LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serges Wilmes, der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, an dem Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro n°3344 vum 15. Dezember 2025 vun den honorabelen Deputéierten Mars Di Bartolomeo a Franz Fayot iwert « Objectifs européens de réduction du $CO_2$ des véhicules après 2035 »**

1. **Wéi bewäert d'Regierung déi annoncéiert Intentioun vun der EU-Kommissioun fir d'Verbrenner-Aus ab 2035 falen ze loossen an amplaz vun engem 100-Prozent-Zil nëmmen nach eng 90-Prozent-Reduktioun vum $CO_2$-Aus fir nei Gefierer virzegesinn?**

   D'Regierung huet zesumme mat aneren EU-Memberstaaten ewéi z. B. Frankräich a Spuenien am Virfeld vun der Virstellung vum „automotive package" vun der europäescher Kommissioun fir e Festhale vum EU-Reglement plädéiert an an engems gefrot fir der europäescher Autoindustrie méi ze hëllefen fir bis 2035 op null $CO_2$-Emissiounen ze kommen. Déi europäesch Automobilhiersteller an Zouliwwererbetriber brauchen e kloren a stabele reglementaresche Kader fir déi Transitioun kënnen ze packen.

2. **Wäert sech d'Regierung trotz dëse geplangten Ännerunge vun der EU Kommissioun am EU Conseil weiderhi fir en de-facto-Verbrenner-Aus asetzen?**

   Der Regierung hier Positioun ännert sech net par rapport zu hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2996 vum 7. Oktober 2025. An engems muss elo déi legislativ Propose vun der Kommissioun, déi eng begrenzte Flexibiliséierung virschléit, am Detail analyséiert ginn.

3. **Wéi schätzt d'Regierung d'Risike vun enger weiderer Onkloerheet fir d'Planungssécherheet vun de Konsumenten, vun de Betriber an der Automobil- an Zouliwwererindustrie, mä och fir d'Planung vun der nationaler Mobilitéitsinfrastruktur an, a wéi wëll si dës Onkloerheet am nationale Kader kompenséieren?**

   Wéi et schonn an der Äntwert op déi éischt Fro steet, ass d'Planungssécherheet fir d'Clienten a fir d'Entreprisen an der Automobilindustrie e wichtege Facteur. Hei zu Lëtzebuerg wäert d'Regierung op alle Fall d'Dekarboniséierung vum Transport, siëf et duerch Hëllefe fir d'Gefierer oder fir déi néideg Infrastruktur, weider ënnerstëtzen a nach ausbauen.

4. **Am Fall wou de Verbrenner-Aus net wéi ursprénglech geplangt ëmgesat gëtt, gesäit d'Regierung een Upassungsbedarf bei nationale Klima- a Mobilitéitspoliticken? Wa jo, wéi eng konkret Piste gi momentan analyséiert?**

Et ass am Moment ze fréi fir op dës Fro ze äntweren. De Ministerconseil an d'EU-Parlament wäerten an de nächste Méint iwwer d'Propose vun der Kommissioun diskutéieren an decidéieren.

Esou wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 2996 ënnerstrach, ënnerstëtzt Lëtzebuerg am Allgemengen d'Bäibehale vun de klimatesche Moossnamen op europäeschem Niveau, déi aktuell am Autossecteur gëllen an als essenziell ugesi ginn, fir d'Klimaziler vun der Europäescher Unioun ze erreechen.

5. **Wéi eng Auswierkungen hätt déi eventuell Ännerung vum „Verbrenner-Aus" op d'Ziler an d'Moossnamen déi am nationalen Energie- a Klimaplang (PNEC) virgesi sinn, a gesäit d'Regierung an deem Kontext de Besoin, dëse Plang unzepassen?**

Am nationalen Energie- a Klimaplang (PNEC) sti Mesuren déi bis 2030 gëllen. An der nächster Versioun vum PNEC, déi 2027 preparéiert gëtt, wäert analyséiert gin op Ännerunge musse gemaach ginn.

Lëtzebuerg, de 16. Januar 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit